Den 30. Januar 2012

war de Jhemp Hoscheit am Cycle 4.2

„An der Dällt“ - Minsbech

Blaukatz und Leoltisch



Natur erliewen

geschriwen vum Jhemp Hoscheit

illustréiert vu Kanner aus dem Cycle 4.2

Alex - Alexios - Ben K. - Christopher - Elisabeth - Ian - Jules - Katarina - Laurent - Liz - Lynn - Marc - Max - Noémie - Philipp - Romain - Sarah

„Hei kuck mol dat Källefchen drénkt un der Mamm !

An d' Fillen am Stall! An dat Päerd do geet schlamm.

Komm lauschter mol hei! Elo grunzt grad e Giss.

An do gackren Hénger, beim Bam an der Wiss.



Hei komm bei den Amboss : do hummert e Schmatt.

Da follech! Soss huel'n ech dech net méi mat!

Gesäiss de déi Woll do?... ,T ass Woll vun de Schof.

Pass op! Dajee bleif mat de Schung do erof!

Kuck hannert der Vitrine: de Stall mat de Kéi!

Déi eng knaen Hee an déi aner de Kléi.

Komm rich mol dee Mëschtkoup, de Groum an de Wues.

Do hängt sou een Triichter: deen ass fir op d' Nues!"

„Wat ass dann dat do Papp?“ – “Ma dat ass en Trach,

An hannert de Kéi do left d Piff an d’ Lach!”

“An do steet jo en Trakter!“ – „Komm schreif dech op d’Lëscht,

Da fiers de mam Bauer en Tour ronderëm d’Mëscht !

Hei vir bënnt de Bauer seng Gaarwe mat Stréi:

‚T ass Huewer, an d’Käeren déi sin an der Ei.

Aus Gaarwe gëtt duerno e Kaascht opgeriicht.

Lo fält en zesummen!! … Hues du déi gestiicht?

,, Ma d' Dreschmaschinn geet net, déi steet nëmmen do!

An d'Säck mat der Fruucht stinn hei op der Wo.

Vru Jore gouf Brout mat deem Miel do gemaacht…

Da bäiss dran! Du wees jo mol nët, wéi dat schmaacht!...

Kuck séier beim Dëmpel! De Fräsch! Wéi e sprengt!

Komm huerteg a lauschter: de Villchen, e séngt!...

Ma fro dach net wou!... An där Heck, nieft dem Gaart.

Da waart mol: ech dréinen den Toun mol méi haart!

De Poufank dee päift an d'Piwitt déi piipst;

An d'Fräschen déi quaken, an d'Jippelche jiipst;

Do schnaddert eng Int, an hei vir kréint een Hunn.

Da follech! An hal d'Kopfhörer un!"

„Déi Beem do zesummen, gell! dat ass e Bësch?

Wat schwëmmt hei am Waasser! Gell du dat si Fësch?

Hei vir op der Wiss, Papp, steet sécher e Plou?“

-„Mäi Kand, komm lo séier! Gläich maachen se zou!

E Bauer, sou nennt een dee Mann deen do sëtzt

A Mëllech ass dat, wat a säin Eemerche sprëtzt.

A géi net ze no, well soss méchs de dech naass!

A pak dat net un! Bleif ewech vun dem Glas !...



De Musée mecht zou! A loss alles schéi ston!

Et schellt scho fir d’zweet! Et ass Zäit fir ze gon!

Komm gëff mer eng Hänni an dréck dech net vir!

Vergiess net deng Gasmask! Mir gin lo vrun d'Dier!“